N° 6639
Entrée le 08.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Gemeinsam Äntwert vum Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, a vum Verdeedegungsminister, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n° 6639 vum 10. August 2022 vum honorablen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

1. D'Regierung erënnert drun dass sech de genannte Rapport vun Amnesty International op e Krich bezitt an deem Russland d'Ukrain a kompletter Mëssuechtung vum Vëlkerrecht unilateral ugegraff huet, massiv zivil Ziler ugräift wat kloër e Krichsverbriechen duerstellt an an deem d'Ukrain hiert natierlecht a legitimt Recht zur Selbstverdeedegung an Usprooch geholl huet. D'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung ass, datt d'internationalt Recht ëmmer a vu jiddwerengem muss agehale ginn. Dëst gëllt net nëmme fir d'internationaalt humanitärt Recht (*ius in bello*), mee och fir déi vun der UN-Charta virgesinner „*ius ad bellum*". Et ass opgrond vun deem Prinzip, datt d'Lëtzebuerger Regierung sech weiderhin d'Recht virbehält, Waffen un d'Ukrain ze liwweren. D'Regierung gesäit kee Grond fir offiziell op de Rapport vun Amnesty International ze reagéieren.

2. D'Regierung huet keng Informatiounen déi drophiweisen dass Waffen déi se der ukrainescher Arméi geliwwert huet an e Waffeschmuggel geroden wieren.

Lëtzebuerg, den 8. September 2022
(s.) Jean Asselborn
Aussen- an Europaminister